Conférence Nationale des Élèves du Luxembourg
CNEL

Februar 2026

# Avis zum Social-Media-Verbuet fir Jonker

D'Diskussioun iwwert e méigleche Mindestalter fir den Zougang zu soziale Medien, bis hin zu engem faktesche Verbuet fir Jonker ënner 16 Joer, gewënnt aktuell och an Europa un Dynamik. D'CNEL, déi national Schülerkonferenz erkennt dobäi un, datt d'Entwécklung vun digitale Plattformen nei Erausfuerderunge fir jonk Mënschen, Familllen an de Schoulsystem mat sech bréngt. D'Zil, Jonker besser ze schützen, ass legitim an néideg. Gläichzäiteg ass d'CNEL awer iwwerzeegt, datt e pauschaalt Verbuet net déi passend Äntwert op dës komplex Problematik duerstellt.

Sozial Medie sinn haut e wichtegen Deel vum soziale Liewen an der Informatiounskultur vu jonke Leit. D'Plattformen erméiglechen engem Austausch, Kreativitéit a gesellschaftlech Participatioun, bréngen awer och reell Risike mat sech. Exzessiv Notzung kann zu Suchtverhale féieren, den dauerhafte Verglach mat aneren huet en negativen Impakt op d'mental Gesondheet, a Cybermobbing bleift eng konkret Realitéit am Alldag vu ville Schülerinnen a Schüler. Dobäi kommen Desinformatioun a Fake News, déi sech séier verbreeden, souwéi Algorithmen, déi Opmierksamkeet geziilt maximiséieren an domat problematesch Notzungsmuster verstäerken. Och Froe ronderëm Dateschutz an den Ëmgang mat perséinlechen Donnéeë stellen eng zentral Erausfuerderung duer.

Trotz dëse Problemer ass d'CNEL skeptesch géintiwwer Proposen, déi den Zougang zu soziale Medie bis zu engem bestëmmten Alter generell verbidde wëllen. Eng Altersgrenz vu 16 Joer géif an der Praxis engem Verbuet gläichkommen an domat net d'Ursaache vun de bestoende Problemer behandelen. Amplaz géifen d'Schwieregkeeten éischter an d'Zukunft verluecht ginn, ouni datt déi Jonk léieren, verantwortlech mat digitale Medien ëmzegoen. Zousätzlech weist d'Erfarung, datt Altersrestriktiounen technesch relativ einfach z'ëmgoe sinn, wat d'Effikassitéit vun esou Mesuren a Fro stellt. Et besteet och d'Gefor, datt sech d'Notzung op aner, manner kontrolléierbar Plattforme verlagert.

Weider stellt sech grondleeënd d'Fro, wat iwwerhaapt als „sozial Medien" definéiert soll ginn. D'Grenzen tëscht sozialen Netzwierker, Informatiounsplattformen, Videodéngschter oder kollaborativen Online-Raim sinn haut quasi non-existent. Eng strikt Reguléierung ouni kloer Definitioun riskéiert dofir Onkloerheeten a praktesch Problemer bei der Ëmsetzung. Gläichzäiteg géif e generellt Verbuet och positiv Aspekter vum digitale Raum ausschléissen, dorënner Kommunikatioun, Informatioun a gesellschaftlech Participatioun, déi fir vill jonk Leit haut selbstverständlech Bestanddeeler vum Alldag sinn.

Conférence Nationale des Élèves du Luxembourg CNEL

Aus Siicht vun der CNEL läit de Kärproblem net am Zougang zu digitale Plattformen, mee virun allem am Opbau an am Ëmgang vun a mat dësen. Digital Medie wäerten och an der Zukunft eng zentral Roll spillen. Jonk Leit dovun auszeschléisse bedeit net automatesch Schutz, mee éischter eng Verzögerung vun der Konfrontatioun mat Risiken, ouni déi néideg Kompetenzen opzebauen. Eng nohalteg Approche muss dofir drop ofzielen, deene Jonken déi Kompetenzen ze ginn, déi se brauche fir sech kritesch, reflektéiert a responsabel am digitale Raum beweegen ze kënne.

D'CNEL stellt dowéinst follgend Fuerderungen:

1. **Systematesch Verankerung vun der Mediebildung am Schoulsystem**
   Schülerinnen a Schüler musse léieren, Desinformatioun ze erkennen, Algorithmen ze verstoen, kritesch mat Online-Contenuen ëmzegoen an hir perséinlech Donnéeë bewosst ze schützen. Dës Kompetenze kann een an all Fach ënnerbréngen.

2. **Verstäerkte Sensibiliséierung an Ënnerstëtzung fir Elteren an Enseignanten**
   Et brauch gezielt Informatiouns- an Trainingsofferen, déi Erwuessenen d'Mëttel un d'Hand ginn, déi Jonk kompetent am digitale Raum ze begleeden.

3. **Méi staark Reguléierung a Responsabilitéit vun de Plattformen**
   D'Politik (national, souwéi europäesch) soll konsequent géint manipulativ Design-Elementer mat Suchtpotenzial virgoen, den Dateschutz verbesseren a Plattforme fir d'Auswierkunge vun hiren Algorithmen an hirem Contenu responsabel maachen.

4. **Effikass a realistesch Alters- a Schutzmoossnamen amplaz e pauschaalt Verbuet**
   Altersregulatiounen däerfen net zu engem faktesche Social-Media-Verbuet féieren. Et brauch ee proportionéiert Schutzmechanismen a begleedend edukativ Mesuren.

D'CNEL bedauert hei awer zudéifst d'Astellung vum Europaparlament, wat e Social-Media-Mindestalter vu 16 Joer ënnerstëtzt, wat de Problem just weider fort dréckt.

Luca Roettgers,

President vun der CNEL

Conférence Nationale des Élèves du Luxembourg
info@cnel.lu
Tél.: +352 40 60 90 333
87, route de Thionville
L-2611 Luxembourg
www.cnel.lu